

De 27. Juli 1998 huet den 'Trierer Volksfreund' di Affär ronderëm e briteschen an en däitsche Numismatiker, di zu Lëtzebuerg keng Plaz am Staatsmusée krute, jhust well se Ausländer sin (vgl. *forum* Nr. 185, S. 3), opgegraff an ausföerlech presentéiert a kommentéiert. Dorops huet de Chefredakter vum 100,7 reagiert, leider ouni op de *forum*-Artikel zréckzegräifen, deen à la base vun deenen Informatiounen am TV stong, a säi Kommentar huet sech heirop résüméiert: Di Tréierer Zeitung sollt virun hirer Dir kiren. An als Argument huet en ugefouert: Och an Däitschland däerfte nëmme Staatsbierger Staatsbeamte gin. Wat natierlech komplett laanscht de Kär vun der Saach geet. De Koschter freet sech, ob ët di nei Redaktionspolitik vun engem Sender, dee wëllt seriö a kritesch Informatioun liwweren, as, vu reelle Problemer zu Lëtzebuerg ofzelenken. Huet den 100,7 wëlles, jhust nach Regirungssender ze sin?

m.p.

D'LSAP huet dem Koschter hire neie Logo geschéckt: eng zaart, rout Réischen, ouni Picken, di ganz op as an di geschwé wieleg gët, well d'Blieder si schon am gang ze falen. De Koschter hat nët geduecht, dass eng Partei esou éierlech wär, an hire Gemittszoustand, dee jo mat der Wiel vum liberale Wirtschaftsminister Goebbels zum Spëtzekandidat fir d'Wale vu 1999 grad su kloer zum Ausdrock kënnt, och beim Logo géif esou fräi a frank zouginn. Alle Respekt!

JSt

Wat as méi schlëmm? Dass am Verwaltungsrot vun der neier Stéftung fir de Pei-Musée bal nëmmen Honoratior(inn)e sëtzen, nët well s'eppe vun aktueller Konscht verstinn, mä fir kënnen op e puer Glieder Schampes méi invitéiert ze gin? Oder dass d'Manifesta2 vum Lëtzebuerger Publikum praktesch nët zur Kenntnis geholl gët (vgl. deen exzellenten Artikel vum Corina Mersch a 'Le Jeudi', 30.7.1998)? Oder dass de Staatsrot en Avis iwwert d'Schafe vun engem legale Statut fir Kënschtler ofgët, deen ënnert aller Klarinett as an eng absolut Inkompetenz a Saache Kulturszen weist (vgl. dem Conny Scheel säi Kommentar am 'GréngeSpoun' vum 31.7.1998)? De Koschter, dee sech zwar scho säit zéng Joer fir e 'Centre d'art contemporain' asetzt (vgl. *forum* Nr. 107/Dez. 1988), zweiwelt ëmmer méi drun, ob Lëtzebuerg dofir räif as, grad och um Nivo vun de Politiker.

m.p.

An engem Land mat esou vill Schantercher op der Strooss, dass eng lëtzebuergesch Televisiounschän sugger all Owend d'Automobilisten informéiert, wou deen Dag drop e neie Schantchen opgeet oder soss eng Ëmleedung agericht gouf, gët während Méint wa nët Joren eng Hauptverbindungsstroos, nämlech vu Lëtzebuerg op Iechternach, gespaart, an dat mazzen an der Stad, ouni dass Posichoossi Schëlter opstelle, fir uertsfrieme Leit eng Ëmleedung unzegin. D'LVI (*Lëtzebuerger Velosinitiativ*) mengt wuel nët zu Onrecht, d'Uersaach kéint ee nëmmen an deen Detail siche goen, dass nët eng Autosstroos, mä e Radwee duerch de Schantchen bei der Schwemm um Kierchbiertg betraff as.

m.p.

forum

Herausgeber: *forum* a.s.b.l.

Ständige Mitarbeiter: Jean-Paul Barthel,

Raymond Klein, Michel Pauly, Claude Wey

Koordination: Jürgen Stoldt,

Druck: rapidpress, Luxemburg

Titelphoto: Christian Mosar

Preise für ein Jahresabonnement (8 Nummern): 1050 F.

Studenten u. Arbeitslose 850 F, Geschenkabö: 850 F.

(Ausland zuzüglich 500F Porto),

zu überweisen auf das Postscheckkonto 61154-44

von *forum*, Luxemburg mit dem Vermerk Abo ab Nr.

forum erscheint seit 1976 achtmal im Jahr.

Durchschnittliche Auflage 1997: 1750

Der Nachdruck von *forum*-Beiträgen ist erwünscht,
wenn die Quelle angegeben wird.

Unterzeichnete Artikel geben nicht unbedingt
die Meinung der Redaktion wieder.

1, place Ste Cunégonde

L-1367 Luxembourg

Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99

e-mail: forum@pt.lu

Bürozeiten: Montag bis Freitag 9-12

Als «Tiers-Mondiste» stößt man sich oft an der Komplexität der Zusammenhänge, will man die Probleme des Südens mit dem relativen Wohlstand im Norden in Verbindung bringen. Dies ist schwieriger als zum Beispiel die Ungerechtigkeiten zwischen Arm und Reich in den jeweiligen Welthälften bloßzulegen, und so muß man sich nicht selten als Miesmacher und ewiger Nörgler abstempeln lassen.

Deutschland schickt Flüchtlinge aus dem Kosovo in ihre «Heimat» zurück. Sie sind nämlich keine richtigen Flüchtlinge, sondern Wirtschaftsflüchtlinge. Ihre Fluchtgründe haben nichts mit Politik zu tun, sondern nur mit den schlechten Lebensbedingungen im Kosovo. Und so kehren sie dem Land den Rücken, in dem sie hofften, Arbeit zu finden zu Löhnen und Bedingungen, wie sie in dem sonnigeren Teil der Welt üblich sind. Wohlmeinende Ratschläge begleiten sie, nicht wegzulaufen, sondern in ihrem Land den wirtschaftlichen Fortschritt zu fördern.

Denn auch dort gibt es Arbeitsplätze. Zum Beispiel, wie neulich bekannt wurde, werden dort Uniformen der Bundeswehr zusammengenäht, wahrscheinlich weil dort die Arbeit viel billiger ist. So etwas nennt man internationale Arbeitsteilung. Und die Flüchtlinge sind dorthin zurückgekehrt, wo sie hingehören. Die Welt ist in Ordnung.

RK